



d'Hongerrenten am Privatsécteur ofgeschafft gi wieren - do huet den Här Haagen recht -, da wiere mir iwwerhaapt ni entstanen!

**(Interruption par M. Claude Haagen)**

Also et ass Äre Mérite, datt mir haut do sinn, well Der an der Vergaangenheet de Renteproblem...

Mir hunn e geléist, mir hunn en eenheetleche Rentensystem hei zu Lëtzebuerg duerchgesat a mir hunn duerchgesat, datt d'Hongerrenten am Privatsécteur der Vergaangenheet ugehéieren. An dorobber si mir houfreg!

► **M. Roy Reding (ADR).**- Très bien!

**(Interruptions diverses)**

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Ech gesinn, et freet kee Parole après...

**(Hilarité)**

Domat wäre mer da virleefeg um Enn vun eiser Diskussioun iwwert d'Zukunft vum Land ukomm. Se geet jo selbstverständlech a villen Etappe weider. A mir géifen zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour kommen. Dat ass de Projet 6778 iwwert de Bau vum Centre national d'incendie et de secours. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. An d'Wuert huet direkt de Rapporteur, den honorabelen Här Frank Arndt.

## 3. 6778 - Projet de loi relatif à la construction d'un Centre national d'incendie et de secours et autorisant l'État à participer au financement des travaux y relatifs

**Rapport de la Commission du Développement durable**

► **M. Frank Arndt (LSAP), rapporteur.**- Merci, Här President.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Sou! An ech wär elo frou, wann erëm...

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- ...d'Serenitéit géif akéieren.

► **Mme Viviane Loschetter (déi gréng).**- D'Seriositéit.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- D'Serenitéit.

► **M. Frank Arndt (LSAP), rapporteur.**- Ech sinn dann och net heihinnerkomm, fir eng Autobunn ze bauen, mä fir de Centre national d'incendie et de secours ze bauen, also de CNIS ze bauen, wou den Dépôt den 12. Februar 2015 gemaach ginn ass. An d'Présentatioun vum Projet de loi huet de Minister ufanks Mee bei eis an der Kommissioun gemaach.

Et sinn och verschidden Avisen erakomm: vun der Chambre de Commerce, der Chambre de l'Agriculture an der Chambre des Salariés. An de Conseil d'État huet säin Avis - deen éischten - den 3. Abrëll 2015 ofginn, an een Avis complémentaireaire den 10. November 2015.

De 7.10., am Oktober also, sinn ech als Rapporteur genannt ginn. Mir hunn zwee Amendementer missen adoptéieren. An de Statsrot huet deenen Ännerungen och do zougestëmmt.

Den 19. November ass de Projet de Rapport och an der Kommissioun ugeholl ginn, esou wéi en dann och haut hei virläit.

Dir Dammen an Dir Hären, am schrëftleche Rapport fënnt een all Detailler a si kënnen do nogelies ginn. A mengem weidere Rapport wäert ech elo och net all Meter carré, Meter cube an Hektar opzielen, déi elo verschafft ginn an deenen nächste Joren.

Erlaabt mer am Ufank, e puer Mercien ze formuléieren, da vergiessen ech se herno net: Merci un d'Kollegen an un d'Kolleegeinnen aus der Kommissioun fir dat gutt Zesummeschaffen. Merci un d'Leit aus dem Ministère souwéi un d'Leit aus der Chambersadministratioun. Merci awer och un d'Stad Lëtzebuerg, fir op dee gemeinsame Wee ze goen, well een do awer Aspuerpotenzial gesinn huet.

Här President, „zesumme mat lech ass et mer eng ganz besonnesch Freed, haut dee fonkelneie regionale Rettungszentrum anzeweien; eng immens wichteg Infrastruktur fir Wolz an déi ganz Regioun. D'Aarbechten un dësem Projet, déi schonn eng ganz Rei Joren op der Lëscht stoungen, fir gemaach ze ginn, hunn Ufank 2011 ugefaangen a sinn elo, knapps 30 Méint méi spët, op en Enn gaangen. An haut sinn ech ganz besonnesch houfreg, de fräiwëllege Pompjeeën a Secouristë vun eiser Regioun dës nei a modern Infrastruktur kënnen ze iwwerreechen.“

Neen, Dir sidd net am falsche Film hei, mä dat si meng Wieder, déi ech gebraucht hunn am

Oktober 2013 zu Wolz, fir deen neie Rettungszentrum anzeweien.

An haut sinn ech frou kënnen derbäi ze sinn op deem Wee, deen elo virun eis läit, fir den neie CNIS an d'Liewen ze ruffen, an deen als Zil huet, bis 2021 fäerdeg ze sinn. Här President, e Wee an en Zil, wéi et am Wolzer Rettungszentrum zënter Jorzéngte scho fonctionnéiert: zesummeschaffen, un engem Strang zéien; a si heeschen net méi Pompjeeën oder Protex, mä Kollegen aus dem Rettungszentrum.

Dir Dammen an Hären, de Gesetzesprojet, iwwert dee mer haut wäerten ofstëmmen, betrëfft net nëmmen d'Finanzéierung vun engem Bauprojet, et geet hei ëm eng grouss Reform am Rettungs- a Pompjeeswiesen. Dofir erlaabt mer, kuerz op den Historique vun dësem Projet an op de Kontext, an deen hie sech aschreift, anzegoen.

Schonn 1999, no de Wahlen, krut den Innenminister den Optrag, en Aarbechtsgrupp ze grënnen, fir ze kucken, ob net eng ganz Rei Servicer am Kader vun der Rettung an der Brandbekämpfung méi enk zesummeschaffe kéinten, a fir se op engem eenzege Site zesummenzeféieren.

Dir Dammen an Dir Hären, vun Ufank un huet och d'Stad Lëtzebuerg hiren Intérêt manifestéiert, fir op deemselwechte Site kënnen Raimlechkeete fir déi Stater Beruffspompjeeën ze kréien, well déi Kasären op der Areler Strooss ze kleng sinn an en neie Site gebraucht gouf.

Am Ufank war och doru geduecht ginn, d'Police an de Projet matanzebannen, mä et huet sech am Laf vun der Etüd gewisen, datt dat fir d'Police net déi bescht Léisung wier. Am Mee 2003 huet den Innenminister der Regierung eng Machbarkeetsstudie virgeluecht, fir e Gebai ze bauen, an deem d'Administration des Services de Secours an de Service d'incendie et d'amublances vun der Stad Lëtzebuerg sollten ënnerbruecht ginn.

Här President, ee Joer méi spët gouf e Concours entre architectes lancéiert. An Enn 2004 huet de Jury den éischte Präis un den Architektbüro Böge Lindner vun Hamburg verginn. Et goug awer vun Ufank un net nëmmen drëm, e modernt Gebai fir verschidde Servicer opzeiichten, mä parallel dozou gouf eng Reform vun de Rettungs- a Pompjeesservicer virbereet.

Här President, et muss ee wëssen, datt et an der aktueller Situatioun näamlech net ëmmer méiglech ass, e flächendeckende performante Service unzebidden. 2004 gouf déi nei Administration des Services de Secours gegrënnt. Si huet awer net wierklech d'Méiglechkeeten, fir Koordinatiounsarbechten optimal kënnen ze maachen.

De Regierungsprogramm vun 2009 gesäit eng Reform vun de Rettungsdéngschter vir an et gëtt ëmgusat duerch e Projet de loi mat der Nummer 6861 iwwert d'Organisation de la sécurité civile. An ouni den Diskussiounen zu dem Projet de loi iwwert d'Reform vun de Rettungsdéngschter virzegräifen, sief gesot, datt déi jo virgesäit, datt d'Protection civile a lokal Pompjeescorpsen an engem Établissement public zesummegefouert ginn.

Dës Reform verännert jo sou, datt et iwwerall am Land muss méiglech sinn, datt schnell a kompetent Hëllef op der Plaz ass. Et soll eng eenheetlech Kommandostruktur ginn, déi 24 op 24 Stonnen disponibel ass. Eng ganz grouss Roll wäerten och d'Formatioun an d>Weiderbildung spillen. Grad hei wäert dat neit Gebai daitlech verbessert Méiglechkeete bidden. Dat neit Gebai wäert deemno eng ganz Rei vu Fonctiounen op engem Site vereenegen, op déi ech elo kuerz wëll agoen.

Zum Beispill d'Kasär vun de Pompjeeën: komplett équipéiert fir d'Bedürfnisser vun engem professionelle Pompjeescorps vun enger Haaptstad. Engersäits mat der Fonctioun vun engem primäre Rettungsdéngscht a Brandschutz, dee fir den Territoire vun der Stad Lëtzebuerg zoustänneg ass, huet dësen Zenter anerersäits d'Moyenen, fir méi kleng Zentren an den ëmleieende Gemenge bei Bedarf ze verstärken.

D'Direktioun vun deem neien Établissement public, déi ass do fir d'Koordinatiounsaufgaben, mécht de Lien tëschent de Pompjeescorpsen um Gemengenniveau, der Protection civile an de Spezialunitéiten. D'Kompetenze vun der Administration des Services de Secours ginn am Kader vun der Reform vun de Rettungsdéngschter an deen neien Établissement public mat erageholl. Si iwwerhëlt och d'Aufgaben am Beräich vun den internationale Relatiounen, administrativ Aufgaben, den zentralen Akaf vu Material an ass och als Materiallager virgesinn.

Den neie Central 112: De Central 112 gëtt verstärkt duerch e Centre de gestion des opérations.

Den nationale Formatiounscenter fir d'Rettungsdéngschter: Formatioun fir déi Professionell a fir d'Bénévollen, also Bildung a Weiderbildung.

Dir Dammen an Dir Hären, am Bauprojet fanne sech déi véier Fonctiounen an engem Deel vum Gebai erëm, deen zum Deel vum Stat a vun der Stad Lëtzebuerg finanzéiert gëtt. Et ass gekuckt ginn, wéi vill vun de Surfaces d'Rettungsdéngschter vun der Stad Lëtzebuerg notzen a wéi vill de Stat der brauch. An doropshin ass eng Opdeelung vun de Käschte gemaach ginn.

Den Engagement an dësem Projet de loi, fir de CNIS ze bauen, ass 74 Milliounen, a fir d'Stad Lëtzebuerg 67 Milliounen. Iwwert dës Ventilatioun gouf deemno eng Konventioun tëscht dem Stat an der Stad Lëtzebuerg ofgeschloss, déi festhält, datt d'Stad Lëtzebuerg de Maître d'ouvrage fir deen éischten Deel vum Gebai ass an d'Gesamtkäschte virstreckt. De Stat rembourséiert da säin Deel, wat 44,84% ausmécht. Dat si ronn 46,6 Milliounen, déi un d'Stad Lëtzebuerg zrëckginn.

Deen zweeten Deel vum Gebai iwwerhëlt de Stat eleng. Dat wäert nach eemol 16,6 Milliounen kaschten. Dësen zweeten Deel beinhalt all technesch Installatiounen, déi an der Ausbildung a Weiderbildung gebraucht ginn. D'Bevëlkerung wiest: méi Interventiounen, méi komplex Situatiounen. Dofir ginn och besser Ausbildungs- an Trainingsméiglechkeete gebraucht.

An, Dir Dammen an Dir Hären, Virdeel ass, datt d'Pompjeeën an d'Protection civile zesummen op enger Plaz trainéieren. Esou wuessen déi Servicer vun Ufank un zesummen. E Virdeel ass och, datt d'spezialiséiert Ausbildung net méi esou oft am Ausland muss gemaach ginn. Dat spuert besonnesch de Bénévollen Zäit, déi jo schonn oft genuch musse Congé huelen, fir kënnen hire Rettungsdéngschter zur Verfügung ze stoen.

Dir Dammen an Dir Hären, d'Politik huet och d'Flicht - domat mengen ech d'Landes- an d'Kommunalpolitik -, alle Bierger, egal wou si wunnen, déi gläich an effizient Hëllefstellung am Noutfall ze garantéieren. An deem muss Rechnung gedroe ginn. A mir wëssen och all, datt am Rettungswiesen den A an den O eng perfekt Ausbildung an eng eenheetlech strukturiéiert Ausrüstung an alle Regiounen am Land muss sinn.

Här President, matmaachen als Bénévole am Rettungswiesen ass eng grouss Erausforderung. Wie matmécht, vun deem gëtt Zouverlässegkeet an Disziplin erwaart. Eng Portioun Mutt muss ee matbréngen, mä och Fräizäit, näamlech déi, déi soss der Famill zegutt géif kommen. Am Mëttelpunkt vun engem leeschtungsfaege Rettungswiese stinn d'Bénévollen aus den Zentren am Land, déi dat bis elo nach ëmmer a gutt gemaach hunn. An dofir ee grouse Merci u si all!

Här President, am Asaz funktionéiert déi Zesummenaarbecht, déi an der Reform uviséiert ass, schonns iwwer Jore perfekt. Behäerzt an ouni ze zécke gouf déi lescht Joren dat gemaach, wat d'Situatioun erfuerdert huet. D'ganz Suerg huet deene gegollt, déi an Nout gerode waren, dat rascht Agräifen huet d'Matbierger oft viru grëssere Schied bewoort, déi grouss Existenzproblemer ausgeléist hätten oder hinnen eventuell d'Liewe kascht hätten.

Dir Dammen an Dir Hären, Mutt, Kënnen an hir Selbstverständlechkeet, fir ze hëllefen, si bei de Fräiwëllegen aus den Zentren Eegeschafte, déi si hunn a wou et entscheidend drop ukënn. Den Erfolleg garantéiere se awer net. Dobäi muss vill méi eng weider Viraussetzung kommen: eng méiglechst optimal Ausrüstung, déi et erlaabt, mat allen Erausforderungen eens ze ginn. Ëmmer méi modern Geräter an Infrastruktur kommen op de Maart; esou wéi am private Beräich beim Auto oder bei Haiser zum Beispill. An och bei den neie Gebaier, déi elo entsti fir de CNIS, verhält et sech net anescht.

Eng Neiegkeet no där anerer, déi d'Schaffen erlichtert, vereinfacht a verbessert, kënn op de Maart. Et ass een erstaunt, datt et iwwerhaapt nach eppes gëtt, wat den Hiersteller sech nach net afale gelooss huet. Mä vun dëse Fortschreiter profitéiert och deen neie CNIS. Mir si mat dëse Gebaier oder Infrastrukture besser ausgerüst an an der Lag, méi effektiv ze hëllefen an d'Schied an d'Verloschter méiglechst geréng ze halen.

Här President, jo, dat huet säi Präis, mä dat däerf net ausschlaggebend sinn, net fir d'Gemengen an och net fir de Stat. Der Sécherheet huet ee géint allen aneren Iwwerleeunge Virrang ze ginn. Mat deenen neien Infrastrukturen hunn d'Gemeng an de Stat am Interessi vun deem neien Zenter no dëser Iddi gehandelt. D'Uschafungskäschte sinn zwar héich, mä dës Infrastrukture garantéieren eng optimal Viraussetzung, datt de Standard vun dësem Centre de secours deenen héchsten Ufuerderunge Genugtuung bréngt.

Här President, d'Baue vun dëser neier Infrastruktur ass eng Gemeinschaftsleeschtung vun

e puer Partner gewiescht: eng Kéier dem Stat an der Stad Lëtzebuerg. An, léif Kolleegeinnen a Kollegen, dat si mir all, aus der Gemeng Lëtzebuerg an aus dem ganze Land.

Resüméiert: Den neie Centre national d'incendie et de secours, de CNIS, ass d'Häerzstück vun der Reform. Hien ass herno den Dréi- an den Aangelpunkt vum CGDIS. Hei wäert herno zesummegeleecht ginn, wat zesummegehéiert. Villes vun deem, wat 2021 am CNIS funktionéiert, gëtt elo scho virbereet oder kuerzfristeg ëmgusat; zum Beispill den neien ELS, Einsatzleitsystem, déi nei 112-Noutruffzentral, ab Februar 2016 a Betrib.

Den INFS, den Institut national de formation des secours, also déi nei Schoul, eng vun deene modernste Schoulen an Europa, entsteet mat ville praktesche Simulationsméiglechkeeten, esou realitéitsno wéi méiglech.

An ech denken, domadder wier ech um Enn vu mengem Rapport an den Iwwerleeunge vun der sozialistescher Fraktioun an ech ginn heimadder och eis Zoustëmmung zu dësem Projet de loi. An ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci dem Här Rapporteur. An d'Wuert huet dann direkt den Här Marc Lies, dee schonn hei ass.

**Discussion générale**

► **M. Marc Lies (CSV).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mat der Urbaniséierung vum Ban de Gasperich geet och ee laange Wunsch no neie Raimlechkeete vun de Stater Beruffspompjeeën an Erfëllung. D'Kasär op der Areler Strooss gouf scho viru knapp 47 Joer a Betrib geholl. Ausgebaut gouf dës Kasär och nach eng Kéier an den 80er Joren. De Ruff no neie Raimlechkeete geet souguer nach op de viregte Kommandant, den Här Valentin Dahm zrëck, deen elo schonn zanter bal 25 Joer an der Pensioun ass. Säi Successeur, den Erny Kirsch, hat e laangen Otem an och vill Gedold, fir un d'Zil vun engem neien Asazentrum ze kommen. Souguer den heitege Generalsekretär vun der Chamber, de Claude Frieseisen, huet virum Joer 2000...

► **Une voix.**- Aah!

► **M. Marc Lies (CSV).**- ...als deemolege Beamten aus dem Ministère de l'Intérieur nach un den éischte Studie vun engem nationale Rettungszentrum matgewierkt.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Marc Lies (CSV).**- De Concours gouf den 30. Juni 2004 lancéiert. Gewënner vum Concours war de Büro BLK2 Böge Lindner K2 Architekten. Den Avant-projet sommaire gouf tëschent 2008 an 2012 ausgeschafft, den Avant-projet détaillé an de Joren 2013 an 2014. Den definitive Projet läit elo um Dësch.

Dëse Projet ass eng Joint Venture tëschent dem Lëtzeburger Stat an der Stad Lëtzebuerg. Ee grouse Mérite bei der Planifikatioun vum Projet geet un de Schiltze Jang, zwëschenzäitlech a Pensioun, vun der Ville de Luxembourg, d'Madamm Vermast an och d'Madamm Lang vun der Ville de Luxembourg,...

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Marc Lies (CSV).**- ...vun de Beruffspompjeeën den Erny Kirsch an de Serge Heiles, vun der Administration des Services de Secours den Alain Di Genova an den Här Gilbert Schleich. De Paul Schroeder aus dem Ministère de l'Intérieur a jëtzegen Direkter vun der Administration des Services de Secours ass sécherlech ee vun deene gréisste Gebuertshelfer vun dësem Projet.

Et ass elo endlech esou wäit an de Projet de loi N°6778, wou et ëm de Bau vun engem neie Centre national d'intervention et de secours, kuerz CNIS genannt, geet, kann elo endlech an Ugrëff geholl ginn. Dësen neien impressiounannte Projet gëtt an direkter Noperschaft zu der A3 aus dem aktuelle Rond-point Glück kommand gebaut a kritt säi Siege op Nummer 3 vum Boulevard Kockelscheuer. Zurzäit sinn d'Stroossebauarbechte vun deem neie Boulevard Kockelscheuer voll amgaangen. D'Parzell, déi bebaut gëtt, huet eng Fläch vu ronn 5,2 Hektar.

Net nëmmen dëse Projet ass impressiounant, dat ganz Entwécklungsgebit vum Ban de Gasperich an awer och d'Restrukturatioun vun der ZAC Howald si Megaprojeten, déi an deenen nächste Jore wäerten ëmgusat ginn.

De Ban de Gasperich gëtt iwwert déi nächst Joren dee gréisste Chantier am Land. Mat dem Bau vum CNIS, dem Lycée Vauban, dem neien





Akafszenter Auchan, vun Zegdausende Wunnengen opsaite vun der Stad Lëtzebuerg, dem Bau vum Boulevard Kockelscheuer an dem Boulevard Raiffeisen, dem Ëm- an Ausbau vum Rond-point Gluck, dem Ëm- an Ausbau vun der Rue des Scillas opsaite vun der Gemeng Hesper, dem Contournement Hesper, mat dem Bau vum neie Fussballstadion op der Cloche d'Or an der Inbetriebnam vum Tram gëtt et eisen Handwerksbetreiber an deenen nächste Jore sécherlech net langweileng.

Well et esou e grouss Entwécklungsgebitt ass, mat dem CNIS, ville Geschäfte, Büren, Wunnengen, engem Lycée, huet och e Gesamtkonzept, wat den Transport ugeet, mussen entwéckelt ginn. Opgrond vum Bau vun deenen neie Boulevarden an der Gare périphérique um Houwald soll een „modal split“ vu 40/60 erreecht ginn. Datt d'Mobilité douce an awer och den öffentlichen Transport absolutt Prioritéit an deem Raum solle kréien, steet heimat ausser Fro.

Well dësen Zoning esou riseg ass a well esou vill Leit heihinner wäerte schaffe kommen a wunne kommen, geet et natierlech och net ouni Auto, Camionnette a Camion. Aus deem Grond muss onbedéngt déi nei N3, déi vum Pont Buchler fortgeet a bis an d'Rue des Scillas um Houwald viruféiert - de Module nord an de Module central -, duerch dat südlech Stéck, de Contournement Hesper, ergänzt ginn. Ouni dës Ëmgeungstrooss géif d'Gemeng Hesper soss am Verkéier erstécken. Et ass haut schon dramatesch, ouni nei Strooss kënn et méttel-fristeg awer zu engem Verkéierskollaps.

Komme mer awer zrëck op de Projet vum CNIS. Nieft der Schalt- oder Kommandozone vum deem neien Etablissement public vun de Services de secours wäert dës Site nach folgend Akteuren ophuelen:

Als Alleréisch sinn dat, wéi ech uganks scho gesot hunn, d'Stater Beruffspompjeeën, déi fräiwëlleg Pompjeeën aus der Stad, d'Nouttruffzentral vum 112, den nationale Fortbildungszentrum vun der Protex, deen zurzäit zu Schëmpech ass, an dee vun de Pompjeeën, deen zurzäit zu Nidderfeelen ass, an nach ee separate Site fir praktesch Trainingsméiglechkeeten.

Wéi mir feststelle kënnen, ass dës Projet d'Haaptelement vun der Reform vun de Rettungsdéngschter. Well den Neibau awer sécherlech net virun 2020/2021 wäert fäerdeggestallt sinn a well d'Stad Lëtzebuerg och net virun 2021 deem neien Etablissement public wäert bäitrieden, muss ee sech d'Fro stellen, ob dës Reform ouni d'Stad Lëtzebuerg iwwerhaapt Sënn mécht.

Als Buergermeeschter vun der Nopeschgemeng Hesper wëssend, datt de Pompjeeschcorps vun der Gemeng Hesper regelméisseg op Asätz, als Renfort, vun de Beruffspompjeeën geruff gëtt, a well eng intensiv a professionell Kollaboratioun tëschent deenen zwee Corps besteet, stellen ech mer d'Fro, ob de Corps vun Hesper net och eréischt mat deene Stater dëser neier Struktur soll bäitrieden.

Datt eng Reform vum Rettungswiese muss kommen, steet sécherlech ausser Fro. D'Reforme territoriale an d'Reform vun de Rettungsdéngschter mussen Hand an Hand goen. D'Parametere vun der Ëmsetzung mussen jiddwereen déiselwech sinn. Datt d'Gemenge beispillsweis schonn zanter dem Budgetjoer 2015 2% manner op de Recettë bei der TVA kréien, Recetten, déi de Gemengen eigentlech zeguttstinn, ass net ganz nozevollzéien, ëmsou méi well d'Reform vun de Rettungsdéngschter nach guer net ofgeschloss ass.

D'Mesure 115 aus dem Zukunftspak, wou et ëm eng speziell Autosteier geet, déi vum Assureur soll iwwerholl ginn, stéisst vun alle Säiten och op vill Kritik. Wann de Stat déi ganz Responsabilitéit an och d'Verwaltung vun den nationalen Rettungsdéngschter iwwer en neien Etablissement public wëllt regelen, da misst de Stat sech och ëm de Finanzement heivu këmmern.

Datt et dës Reform net zum Nulltariff wäert ginn, ass jiddwerengem bewosst. Et zirkuléieren awer Chifferen, wou engem d'Dronkenellen ausginn! Mat engem Modell vu 50% Stat a 50% Gemengen dierfte verschidde Gemengen no dëser Reform awer nobäi un hir finanziell Belaaschtungsfäegkeet kommen. Wéi virdru schonn ugedeit, muss och dës Reform hiren Nidderschlag an der Gemeengefinanzreform fannen, sollt de Schlëssel vu 50% bäibehale bleiwen.

De CNIS gëtt an zwou verschidden Zonen agedeelt:

An d'Zon 1, d'Häerzstéck, kommen éischters d'Verwaltung vun de Rettungsdéngschter,

zweetens déi nei Kasär vun de Beruffspompjeeën a vun de fräiwëllege Pompjeeën aus der Stad Lëtzebuerg, drëtens d'Nouttruffzentral 112, véiertens den Institut national de formation des services de secours. Fir d'Verwaltung vun de Rettungsdéngschter sinn am Ganzen 2.600 m<sup>2</sup> ageplangt. Heivu sinn 1.000 m<sup>2</sup> Bürofläch, déi reschtlech 1.600 m<sup>2</sup> si fir de medezinnesche Service an de Stockage vu Material virgesinn.

Déi 166 Mataarbechter vun de Beruffspompjeeën kréien am Ganzen 11.340 m<sup>2</sup> Fläch zur Verfügung gestallt. Dës Fläch verdeelt sech op véier verschidden Etagen. D'Verwaltung kritt 900 m<sup>2</sup>. Fir optimal geschoult op d'Asätz kënnen ze fieren, si Raimlechkeete vun 1.260 m<sup>2</sup> virgesinn. Ee Beruffspompjee muss physesch op der Héicht sinn. Eng Sportshal vu 15 op 27 m mat Fitnessraum ass duerfir am Projet och mat virgesinn.

E Service d'incendie muss 24 op 24 Stonne prett si fir op den Asaz. Aus deem Grond sinn och Openthalt- a Schlofräim mat ageplangt. D'Garagë fir d'Gefierer hunn eng Fläch vun 2.900 m<sup>2</sup>. Bei der Planifikatioun vum Projet gouf dorop opgepasst, datt d'Équippen esou schnell wéi nëmme méiglech an um direkte Wee bei hir Gefierer kommen, fir ongehénnert iwwert de Boulevard Kockelscheuer op hiren Asaz kënnen ze fieren.

No all Asaz muss d'Material nees komplett gebotzt an eventuell och ersat ginn. D'Atelieren an de Magasinn ginn op enger Fläch vun 1.470 m<sup>2</sup> ënnerbruecht. An engem zousätzleche Lagerraum vun 900 m<sup>2</sup> gëtt Ersatz- a Spezialmaterial stockéiert. Den neie Schlauch- an Übungsturm vun enger Héicht vu ronn 40 m déngt duerfir, d'Schläich ze wäschen an duerno opzehänken. Opgrond vu senger Héicht kënnen awer speziell Übungen an der Höhenrettung hei astudéiert ginn.

D'Rettungswuecht gëtt um Rez-de-chaussée an um éischte Stack ënnerbruecht mat am Ganzen 1.370 m<sup>2</sup>. Well de CNIS en nationale Charakter huet, wäerten an Zukunft och héich infektiéis Transporter an Ambulanzen vun hei aus gesteuert ginn. Desinfektiouns- an Dekontaminatiounsméiglechkeete mussen natierlech och matagebaut ginn. Iwwer eng Schleis kann d'Personal dann dës Beräich och nees verlossen.

Déi ronn 80 fräiwëlleg Pompjeeën an d'Jugendpompjeeën vun der Stad Lëtzebuerg kréien hiren eegene Beräich mat Raimlechkeete vun am Ganze 760 m<sup>2</sup>.

Den nationalen Aus- a Fortbildungszentrum kënn op den zweeten an drëtten Stack a soll iwwer eng Fläch vun 3.800 m<sup>2</sup> verfügen. D'Formatioun ass am Rettungswiesen onerlässlech, ginn d'Asätz dach ëmmer méi komplex an deelweis och méi geféierlech. Et ass extrem wichteg, datt all Persoun, déi am Rettungswiesen aktiv ass, gutt ausgebilt an och trainéiert ass, géllt et dach, der Persoun an Nout déi beschtméiglech Hëllef entgéintzebréngen, ouni awer säin eegent Liewen op d'Spill ze setzen.

D'Stad Lëtzebuerg ass de Maître d'ouvrage heivun a mécht och de Virfinanzement vun dësen Aarbechten. Laut enger Konventioun, déi tëschent dem Stat an der Stad Lëtzebuerg gemaach ginn ass, rembourséiert de Stat 44,84% vun de Gesamtkäschten. De Montant heivun, dee gouf virdrun och scho gesot, an ech wäert elo net méi dorop agoen.

An d'Zon 2 kënn den techneschen Deel vum Site an all Installatioun, déi mat der praktescher Formatioun vun de professionellen a fräiwëllege Pompjeeën ze dinn huet. Op deem Site gouf e komplett Trainingskonzept mat deene jeeweilegen Infrastrukturen ausgeschafft. An enger grousser Übungshal beispillsweis sinn Nobaute vu fir Lëtzebuerg typesche Gebaier ënnerbruecht, wou verschidden Asazeenarien astudéiert kënnen ginn. Ee Flashover-Trainingscontainer, e Silo, eng Tankübungsanlag, eng Gleisübungsanlag, Tunnelsimulatioun an en Übungsbecke sinn nach aner Méiglechkeeten, wou praxisorientéiert trainéiert ka ginn. Dat ganz Areal huet eng Nettofläch vun 9.638 m<sup>2</sup>. De Stat ass heivu Maître d'ouvrage a finanziéiert dësen Zoning och zu 100%, mat engem Montant vu 16,6 Milliounen hors TVA.

Wat d'Nohaltegkeet ugeet, ënnerleien d'Zon 1 wéi och d'Zon 2 engem strengen Energiekonzept.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dës nei Infrastruktur ass onerlässlech fir e professionell an zukunftsorientéiert Rettungswiesen. Et dierf am Kader vun der Reform awer net vergiess ginn, datt aner Zentren och professionell mussen équipéert ginn an datt op dës Plazen, wat d'Infrastruktur an d'Material ugeet, och déiselwech Dispositiounen mussen geholl ginn.

Ech wëlt op dëser Plaz awer nach eng Lanz fir déi vill Bénévollen a Volontairen, déi am Rettungswiesen tätig sinn, brieche.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Marc Lies** (CSV).- Och wann et op Plazen u Bénévole feelt, esou ginn et awer nach eng sëllege Plazen uechtert d'Land, wou de Service gutt a professionell fonctionnéiert. Ech maachen een Appell un d'Regierung: Loosst dës Leit am Kader vun der Reform net am Ree stoen!

Zum Schluss wëlt ech gär all deene Leit soen, déi am Déngscht vun der allgemenger Sécherheet stinn, ob dat e fräiwëllegen oder e Beruffspompjee ass, ob dat eng Persoun vun der Protection civile ass, Dokter, Ambulancier oder aus dem administrative Beräich: All eenzelnen Akteur, deen am Rettungswiesen aktiv ass, huet meng allergréissten Unerkennung a mäin allergréisste Respekt fir déi Aarbecht, déi hien am Interessi an zum Wuel vun deene Leit hei aus dem Land verriicht.

Mir müssen eis alleguer bewosst sinn, datt all Eenzele vun eis och emol eng Kéier stënterlech Hëllef kéint gebrauchen. D'Rettungswiese fonctionnéiert 7 op 7 Deeg a 24 op 24 Stonnen, ass also am permanenten Asaz. Dëst huet och eng Répercussioun op d'Privatliewe vun deene Leit, déi op der Permanence sinn. Hei sollte mir och un de jeeweilege Partner denken, dee vill Gedold a Versteesdemech muss opbréngen, wann et spéit owes oder an der Nuecht heescht: Mir müssen op den Asaz.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Marc Lies** (CSV).- Dem Rapporteur, dem Frank Arndt, wëlt ech heimat ausdrécklech Merci soe fir säin detailléierte Rapport.

Ech soen lech Merci fir Äert Nolauschteren a ginn heimat och den Accord vun der CSV-Fraktioun. Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och dem Här Lies. An nächste Riedner ass den Här Max Hahn.

► **Une voix.** - Aah!

► **M. Max Hahn** (DP).- Här President, et ass ustrengend a geféierlech, et gëtt ee knaschteg, keen Dag ass wéi deen aneren an et gesäit ee vill mënschlecht Leed. Si ginn all Dag eraus, fir Leit ze hëllefen, Leit, déi si an hirem Liewe virdrun nach ni begéint hunn. Si ginn a Situatiounen eran, aus deenen aner fortlafen. Si denken net u sech, mä un déi Leit, deenen hiert Liewe si wëlle retten.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Max Hahn** (DP).- Fir dat ze maachen, do muss een aus engem ganz exceptionellen Holz geschnitzt sinn! D'Pompjeeën, d'Ambulancieren an d'Sauveteuren, déi kréien net all Dag Merci gesot an et gëtt hinnen net all Dag op d'Schëller geklappt. An nawell leeschten dës Fraen a Männer esou vill fir eis Gesellschaft, 24 Stonnen op 24, Dag fir Dag! An ech maachen hei keng Differenz tëschent Haaptberufflechen a Fräiwëllegen. Am Asaz steet do keen deem aneren no.

Dëst ass eng Ried, op déi ech mech ganz boneschtes gefreet hunn, net nëmme, well de Projet vum nationalen Asazcenter gestëmmt gëtt, mä well et mir och erlaabt, deene sëllege Fräiwëllegen e grouse Merci ze soe fir hiren Engagement, fir hiren Asaz a fir hir Leidenschaft.

Här President, haut ass et esou wäit! An als fréieren Offizéier vun de Beruffspompjeeën dierf ech soen: Mir hu laang op dës Moment gewaart! All Joers ass erëm op de Kongresser annonciéiert ginn, dass net méi spéit wéi geschter décidéiert gi wier an dass gläich de Bagger géif rullen. De Bagger ass vläicht gerullt, mä op anere Chantieren! Jo, et huet scho kee méi esou richtig heirunner gegleef. An haut sti mir hei! Nom Vott vum Stater Gemengerot an dem heitege Vott ass et endlech esou wäit: Den nationalen Asazcenter um Rond-point Gluck, ofgekierzt de CNIS, gëtt Wierkechkeet! Et „knistert“ also.

► **Plusieurs voix.** - Ooh! Aah!

(*Hilarité*)

► **M. Max Hahn** (DP).- An dass et knistert, ass sécherlech der zoustänneger Schäffin Simone Beissel an der Buergermeeschtesch Lydie Polfer ze verdanken, awer selbstverständlech och deem gesamte Schäfferot an deem gesamte Gemengerot vun der Stad Lëtzebuerg.

► **Plusieurs voix.** - Aah! Très bien!

► **M. Max Hahn** (DP).- Ech wëll op dëser Plaz betounen, dass mer ganz houfreg kënnen sinn, dass de ganze Stater Gemengerot eestëmmege fir deen heite Projet gestëmmt huet!

(*Brouhaha*)

D'nächst Joer geet et lass a bis 2020 soll deen neien Asazcenter endlech fäerdeg sinn.

Firwat ass de CNIS eigentlech esou wichteg? Firwat gëtt permanent behaupt, dass de CNIS d'Häerzstéck vun der Reform vum Rettungswiese wier?

Et kann een et vläicht esou vergläichen: Wann déi zwee Partner an enger Koppel hir jeeweileg Wunnengen opginn a sech e gemeinsamen Daach iwwert dem Kapp leeschten an och deelen, dann ass dat e wichtege Schratt an enger Beziéung, e Schratt, dee gutt iwwerluecht sollt sinn.

► **Une voix.** - Jo!

► **M. Max Hahn** (DP).- Äänlech ass et beim Zesummeleeë vun der Protex an de Pompjeeën.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Max Hahn** (DP).- De CNIS ass näamlech net nëmme dat neit Doheem vun de Starter fräiwëllegen a Beruffspompjeeën, der Zentral vum 112, der Verwaltung an dem Centre de formation. De CNIS ass virun allem d'Zesummeleeë vu Protex a Pompjeeën. A genau dat ass d'Haaptiddi vun der Reform vum Rettungswiesen!

Et ass och kee Geheimnis: Virun enger Zäitche wier et guer net denkbar gewiescht, dass et ee gemeinsamen Asazcenter géif gi fir d'Pompjeeën a fir d'Protex.

► **Une voix.** - Richteg.

► **M. Max Hahn** (DP).- De Gruef tëschent deenen zwou Parteie war einfach ze grouss an d'Vertrauen ee vis-à-vis vun deem aneren ze kleng. Haut ass dat zum Gléck anescht!

Eppes, wat d'Protex an d'Pompjeeën gemeinsam hunn, ass de Wëllen! De Wëllen, fir Leit an Nout ze hëllefen. An dat Zil erreeche se och just zesammen. Ob Protex oder Pompjee, ob fräiwëlleg oder haaptberufflech, d'Leit um Terrain wëssen dat scho laang.

► **Une voix.** - Jo.

► **M. Max Hahn** (DP).- D'Reform vum Rettungswiesen ass néideg. Dat huet zum engen domat ze dinn, dass eis Bevëlkerung enorm gewuess ass. Sou hate mir a mengem Gebuertsjoer 1981 200.000 Awunner an 145.000 Frontaliere manner wéi mer dat haut hunn! Déi rezentsen Asazuele weisen, dass d'Unzuel vun den Asätz zënter 2001 ëm 30% zougehall huet.

Parallél dozou geet d'Disponibilitéit vun de fräiwëllege Pompjeeën, Sauveteuren an Ambulanciere kontinuéierlech erof: zënter 2001 bei de fräiwëllege Pompjeeën ëm 22%, bei der Protection civile ëm 18% a bei de Jugendpompjeeën esouguer ëm 30%. Méi Asätz mat manner Leit ass op laang Dauer keng gesond Mëschung. D'Politik ass also gefuerdert, fir éischters d'Rettungswiesen ze professionaliséieren an zweetens d'Aarbecht vun de Fräiwëllegen uerdentlech ze rémunéréieren.

Et geet awer haut net ëm déi batter néideg Reform vum Rettungswiesen, dofir zrëck bei de Bau vum CNIS. Jo, d'Rettungswiesen ass a kengem gudden Zoustand. Déi aktuell Raimlechkeete vu Protex a Pompjeeën sinn et awer nach manner, ugefaange mat de Stater Beruffspompjeeën. Viru 94 Joer, bal op den Dag genau, ass an enger Stater Gemengerotssitzung d'Schafe vun de Beruffspompjeeën gestëmmt ginn. Deen éischte professionelle Corps am Lëtzeburger Land, deemools eelef Mann staark. A si kruten och relativ séier hiren éischte motoriséierte Läschwon, deemools eng Okkasioun vun de Pompjeeën vu Paräis. Dat war fir déi Zäit scho guer net esou schlecht.

Schonn deemools hunn d'Beruffspompjeeën sech awer net nëmme ëm d'Brandwiesen, mä och ëm d'Ambulanzwiese bekëmmert, ugangs ze Fouss oder mat Päerdschutschen an ab 1928 mat enger motoriséierter Ambulanz.

Säit 1968 ass de Stater Beruffspompjeeën hiert Doheem op der Areler Strooss. Deemools war de Corps 50 Mann staark. Haut zielt de Corps bal 180 Leit, an nach ëmmer déiselwech Lokalitéiten! Dertëscht ass de Bau wuel vergréissert ginn, mä ech mengen, eleng dat weist, wéi néideg et ass, dass geplënnert gëtt, an dass et aktuell relativ enk an der Kasär op der Areler Strooss ass.

D'selwech ass et awer och mat de Raimlechkeete vun der Protex a vun de Pompjeesfederatioun. 1962 ass d'Schlass zu Schëmpech kaaft ginn, fir do d'Ausbildung vu Protex a Pompjeeën ze garantéieren. Deemno war och deemools schonn eng gemeinsam Schoul fir Protex a Pompjeeën do. Bravo! Awer net fir ganz laang. Et sollt nëmme fënnef Joer daueren.

Wann haut d'Protection civile nach ëmmer hir Schoul zu Schëmpech huet, hat awer schonn no fënnef Joer d'Pompjeesfederatioun d'Chance, dass ee vun hire gréisste Wënsche erfëllt ginn ass, näamlech hiert eegent Doheem ze hunn. Sou krute si zu Nidderfeelen eng national Schoul fir d'Pompjeesfederatioun zur Verfügung gestallt. Dës Schoul ass esouguer kierzlech vergréissert ginn a soll och nach zukünftig fir d'Ausbildung vun de Jugendpompjeeën déngen.





Net ze vergiesse sinn awer och d'Zentral vum 112, d'Verwaltung, déi hire Sëtz am Moment op der Cloche d'Or hunn. An ech mengen, och si kloen net zu Onrecht iwwer Plazmangel a freeë sech op d'Joer 2020, wann de CNIS fäerdeg soll sinn.

Här President, fir all dës Unitéiten zesummenzeleeën, brauch ee Plaz an et brauch een eng geographesch interessant Plaz, fir d'Asazäiten um Stater Gebitt esou kleng wéi méiglech ze halen. Dat ass liewenswichtig! Mam 5,2 ha grouse Site am Staddeel Gaasperech beim Rond-point Gluck ginn déi zwou Konditiounen erfüllt. De Site ass iwwert d'Gaasperecher Autobunnskräiz ganz gutt un den Autobunnsréseau ugebonnen. A fir keng Zäit ze verlëieren, gëtt am Asazfall esouguer de Verkëier gestoppt am Rond-point an op der Kräizung beim Lycée français.

Awer och den Équipement vun esou engem Asazenter ass wichtig. Wéi mir de Projet vum CNIS an der zoustänneger Chamberskommis-sioun presentéiert kruten, war en Deputéierte-kolleg ganz iwwerrascht, dass eng Sportshal, e Fitnessraum an esouguer eng Sauna am Gebai wieren. Ech war frou, fir kënne ze erklären, dass dat keng Sauna wier, mä eng Wärmegewöhnungsanlag, an dass sech fit ze halen e wichtige Bestanddeel vun der Aarbecht vun de Pompjeeën ass.

Dat, wat den éischte Moment no Luxus ausgesäit, ass also a Wierklechkeet en immens wichtegt Instrument, fir optimal preparéiert Leit an den Asaz kënne ze schécken. Et gëtt gären ënnerschat, mä während den Asätz sinn dacks enorm kierperlech Efforten ze maachen, an dat net am Jogging, mä mat enger perséinlecher Schutzausrüstung an oft mat Ötenschutzgerät, eleng dës weien 20 kg! Den Alter an d'Geslecht sinn hei och ganz egal, d'Gewicht ass ëmmer datselwecht.

Och am Ambulanzwiese gëllt et, sech fit ze halen. Et ass zum Beispill net einfach, Blesséierter oder Kranker vum fënnette Stack aus Gebai ouni Lifter méiglechst ganz séier erauszekréien. De Schlauchtuerm, deem am Asazenter virgesinn ass, déngt zwar primär, wéi den Numm et seet, fir d'Schläch op eng energetesch sënnvoll Aart a Weis an eng spuersam Aart a Weis ze dréchnen, mä kann och fir Trainingszwecker genotzt ginn. A gleeft mer et, dat wäert en och, sief et fir d'Grimpe, also d'Höhenrettung, oder fir Übunge mat Leederen ënner realistesche Konditiounen ze simuléieren. Dat erkläert och, firwat Balconen um Schlauchtuerm installéiert wäerte ginn.

Op véier Équipe verdeelt an an Zwielfstonneschichten ass den Asazenter 24 Stonnen op 24 an Alambereitschaft. Dat erkläert och d'Schlofméiglechkeeten. Da freet deen een oder deen anere sech: Ginn déi Leit wierklech bezuelt, fir ze schlofen? Keng Angscht, et brauch wierklech kee jalous ze ginn! Duerchschlofen ass näamlech net um Programm. Kaum eng Nuecht, wou de Gong een net aus deene schéinsten Dreem rappt, fir Leit an Nout aus hiren Albdreem erauszehuelen. An dat ouni Zäit ze verlëieren! Well de gréisste Feind vum Rettungswiesen ass d'Zäit. Dofir gëtt am Alarmfall souguer d'Trapenhaus net benotzt, mä d'Staang erofgerutscht.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Max Hahn (DP).** - Här President, am CNIS wäerten awer och Weiterbildungscour-sen offréiert ginn. Ech denken do zum Beispill un d'Éischt-Hëllef-Coursé fir Erwuessener. Ech sinn der Meenung, dass jiddwereen, deem am ëffentlechen Déngscht schafft, awer och bei Privatpatronen, soll vun enger Formation continue an deem heite Sënn kënne profitéieren.

Ech denken awer och an d'Branderzéiung vun de Schoulkanner. Do sollte si gewise kréien, wéi si sech an engem Brandfall ze verhalten hunn. Hei kréie si zum Beispill gewisen, dass e Pompjee a voller Montur a mat Ötenschutz näischt ass, wat si fäerte mussen. Si kréie gewisen, wéi-sou si sech am Brandfall um Buedem bewege sollen a wéi-sou een e Fettbrand net mat Waasser ze läschen huet.

► **Une voix.** - Richtig!

► **M. Max Hahn (DP).** - Et ass awer natierlech d'Formation vun de Pompjeeën, Sauveteuren an den Ambulancierinnen, déi am neien Asazenter am Vierdergrond steet. Glécklecherweis brauch een haut de Leit net méi ze erklären, dass d'Formation den A an O vun engem performante Rettungswiesen ass. Déi Leit, déi haut nach mengen, dass et géif duergoen, wann ee sech de Baart naass mécht, ier een an e Feier erageet, déi beandrocke mat esou Aussoen haut zum Gléck kee méi, ganz am Géigendeel. D'Formation ass net nëmme wichtig, fir duerno am Asaz effektiv ze schaffen, mä och fir nom Asaz erëm gesond heemzekommen.

Ech sot et schonn an ech bleiwen dobäi, no der Reform vum Rettungswiese soll de Formationsniveau vun de Stater Beruffspompjeeë

landeswäit ugestriift ginn. An der Stad kréie mir säit 1921 androcksvoll bewisen, wéi e performant Rettungswiese fonctionnéiert, e Rettungswiesen, dat sämtlech Domänen ofdeckt vun der Preventioun iwwert d'Ambulanzwiesen, de Brandschutz an d'technesch Hëllef-leeschtung.

Dass d'Formation net nëmmen theoretesch, mä och praktesch ass, weist d'Tatsaach, dass net nëmmen Instruktiounssäll, mä och eng Trainingsanlag virgesi sinn, déi am Ausland awer wierklech och wäerte fir e bëssen Näid suergen. Der Fantasie vun den Ausbilder si mat der Trainingsanlag keng Grenze méi gesat.

Et ass awer weder en Adventure Park nach e Walt Disney fir Pompjeeën. Et ass vill méi d'Méiglechkeet, e grouse Spektrum vu méigleche reellen Asätz ofzudecken. Et ass beispillsweis eng riseg Übungshal virgesinn, wou ee mat enger Dréileeder d'Evakuatioun aus engem fënnestäckege Gebai simuléiere kann. Et ass e sougenannt Brandhaus virgesinn, also en Haus, an deem déi verschidde Brandzeenarie kënne simuléiert ginn, sief et e Kellerbrand, e Kichebrand oder en Zëmmerbrand.

Et ass och en Tunnel fir Accidenter oder Feier do, fir esou Accidenter ze simuléieren, eng Gleisanlag, fir d'Zuchsaccidenter ze simuléieren, eng Tankstell, e Silo, en Übungsweiher, e Flashover-Container an en iwwerdaachte Beräich, fir Übungen zur technescher Hëllef-leeschtung kënne duerchzeféieren.

Esou wéi eis Pompjeeën an der Vergaangengeheet an d'Ausland gaange sinn, sief et op Essen, op Münster, op Dortmund oder op Rotterdam, wäerte menger Meenung no d'Pompjeeë vun auslännesche Corpse bei eis wëlle kommen, fir vun dese qualitativ héichwäertegen Infrastrukture kënne ze profitéieren.

Här President, zum Schluss vu menger Ried wëll ech awer nach eng Kéier de Verantwortleche vun der Stad Lëtzebuerg, awer och der Regierung félicitéieren, fir a) en Accord fonnt ze hunn an domat de Grondstee fir en nationalen Asazenter geluecht ze hunn, a b), fir elo schonn deelweis d'Formation vun den haaptberufflechen Ambulancierinnen zesumme mat de Stagiäre vun de Stater Beruffspompjeeën ze maachen. Besonnesch déi gemeinsam Formation ass e Meilestee fir d'Lëtzebuurger Rettungswiesen.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren an ech gi mat ganz vill Freed den Accord vun der Demokratescher Partei. Ech wëll awer zum Schluss och nach dem Rapporteur Merci soen, dem Frank Arndt, fir säi gudde schrëftlechen a mëndleche Rapport, an dem Kolleg Raymond Brausch, dee mer hëllefäräich war, fir verschiden Datumer nozekucken.

An deem Sënn, villmools Merci fir d'Nolauschteren!

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Hahn. An nächste Riedner ass den Här Traversini.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Roberto Traversini (déi gréng).** - Merci, Här President. Léif Kolleginnen, léif Kollegen, et geet haut drëms, e Gesetzesprojet ze stëmmen, deem e wichtegt Puzzlestück an der Reform vun eise Rettungsdéngschter duerstellt, näamlech de Projet de loi fir de Bau vun neie Centre d'intervention et de secours (veuillez lire: d'incendie et de secours).

De CNIS wäert ganz signifikativ dozou bäidroen, dass eis Rettungsdéngschter méi effizient forméiert kënne ginn an herno och méi effizient schaffe kënne a Liewe retten.

Wéi mer an deenen ausféierlechen Erklärungen schonn héieren hunn, dem Rapport an och vu mengem Kolleg Max Hahn, wou ech geduecht hätt, hie géif haut mat senger Galauniform heihinnerkommen,...

(**Exclamations**)

...wäert de CNIS d'grouss Fonctiounen vun dem Rettungswiesen iwwerhuelen:

Éischstens, eng Pompjeeskass mat sämtlechen Infrastrukturen, déi néideg sinn. Dat heescht: Büroen, Dortoiren - ech mengen, et ass schonn alles hei opgezielt ginn, wat alles dohinnerkënn.

Zweetens, d'Direktioun, déi wäert de Lien maachen zwëschen de Rettungsdéngschter, de Gemengen, der Protex an dem Ministère de l'Intérieur, wou ech och wëll hei Merci soen, dass dat wierklech elo schnell iwwert d'Bün gaangen ass. Wierklech, d'Leit um Terrain waarde scho Joren op déi Décisioun, déi mer haut hei huelen. D'Direktioun wäert dann och d'international humanitär Hëllef koordinéieren, d'Gestioun natierlech dofinnan maachen a sech natierlech och ëm d'Finanze këmmern.

Drëtzens, den 112, deem aus dem Central de secours d'urgence an dem neie Centre de gestion des opérations besteet. Den CSU géiert d'Interventionen, soulaang d'Rettungsdéngschter net op der Plaz sinn, a steet dann de Rettungsdéngschter zur Säit während den Interventionen selwer, soudatt d'Rettungsdéngschter sech op dat konzentréiere kënne, wat wichteg ass, näamlech Liewe retten. A soubal d'Intervention méi komplex ass, gëtt d'Aktioun da vum CGO koordinéiert. De CGO äntwert dann op keng Appelle méi a mécht keng Routinearbecht, mä si maachen am Fong geholl just déi komplex Operationen, wou se sech am Fong geholl drop focaliséieren, fir dann dem Kommandant, dee wierklech op der Plaz ass, kënne ze sengen Décisionen ze hëllefen.

A véiertens, den INFSS, a mengen Aen ass dat e ganz wichtegt Element vum neie Centre d'intervention. Well wat hëlleft et eis, topp Infrastrukturen ze hunn, wat hëlleft et eis, Leit ze hunn, professioneller a bénévoler - op de Bénévole wäert ech dann och nach zum Schluss ze schwätze kommen -, déi bereet sinn, hiert Liewen op d'Spill ze setzen, fir aner Leit ze retten, wa mer hinnen net eng Formation ubidde kënne dans les règles de l'art?

Fakt ass awer, dass déi zwou Schoulen, déi mer haut fir d'Protex a fir d'Pompjeeën hunn, zu Schëmpech an zu Feelen, net méi eise Besoinen entsprechen. D'Zuel vun eisen Awunner geet an d'Luucht, d'Natur vun den Interventionen gëtt ëmmer méi villfältig a komplex. An dofir mussen d'Formationen eis Leit op all méiglech Situatiounen virbereeden.

Ech denken, dass den INFSS e wichtige Schratt an déi richteg Richtung ass. E wäert sech natierlech net mat Theorie begnügen. Do ass näamlech och e Plateau technique virgesi mat sämtlechen Infrastrukturen, déi néideg sinn, fir eis Rettungsdéngschter effizient ze forméieren. Si sinn all scho bal opgezielt ginn. Ech widderhuelen dat nach eng Kéier, da verhaalt Der et och ganz gutt: e Brandhaus, e Flashover-Container, de Silo, eng Tankstell, Gleiser - d'Tankstell war nach vergiess ginn, mengen ech -, en Tunnel, e Weiher, wou ee kann am Waasser Übunge maachen, an d'Méiglechkeet, op schifem Buedem ze üben, am Fall vun Interventionen an Häng oder op Diech.

De Centre d'incendie et de secours kascht natierlech vill Suen, iwwer 120 Milliounen Euro. Et muss een awer och soen, dass do wierklech d'Stater Gemeng e groussen Effort gemaach huet. Domadder wëll ech deenen och heimadder Merci soen, dem ganze Gemengerot mam Schäfferot. Mä et ass awer en zukunftsorientéierte Projet, deem eise Rettungsdéngschter ideal Konditiounen fir déi nächst Jor-zéngten ubidde wäert. An deem Sënn ënnerstëtze mir natierlech vun deene Gréngen aus dee ganze Projet.

Zum Schluss nach e puer Wieder zu de Fräiwëllegen a Bénévollen, déi all Dag wierklech Stonnen a Stonne fir näischt sech engagéieren.

Mir mussen et fäerdegbréngen, dass mat deem heite Gebai och eis Bénévole zum Zuch kommen. Mir mussen et fäerdegbréngen, och wa vill Saache professionaliséiert ginn, déi Bénévole mat an d'Boot ze kréien. Eis Rettungsdéngschter kënne net iwwerliewen, wa mer déi Bénévole net hunn!

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Roberto Traversini (déi gréng).** - Mir mussen alles versichen, d'Méiglechkeet ze ginn, dass si Formationen kënne maachen. Ech weiss op alle Fall vun eiem Zenterchef, dee mer dat de Moien nach gesot huet, dass dës Joer keng Formation continue fir si gemaach ginn ass.

Ech weiss och, dass d'Pompjeeë Formation continue ugebuede kréien, déi dann awer kuerzfristeg muss ofgesot ginn. Et gi bestëmmt ëmmer Grënn, firwat dat esou ass. Dat ass net esou gutt.

An ech mengen, dass mat deem heiten Asazenter wäerte mer et fäerdegbréngen, dass och déi Bénévole, déi wierklech ganz vill fir eis schaffen, och dann déi néideg Konditiounen wäerten da gemaach kréien. An hoffentlech wäerte si dann och bei der Staang bleiwen, well mir brauche si all.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Traversini. An elo huet d'Wuert den Här Gibéryen.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegen, et geet näischt iwwer e gudde Pompjee, fir esou ee Projet am Detail ze erklären.

(**Hilarité**)

Eise Frënd Max Hahn, als fréiere professionelle Pompjee, huet et verstanen, eis dese Projet an

all senge Facettë bis an dee klengsten Detail ze erklären. Ech mengen, mir sinn alleguer frou, dass alles hei esou am Detail erkläert ginn ass, soudatt kee méi, oder ech op jidde Fall elo net méi als leschte Riedner muss nach eng Kéier op all Detail vun deem Projet agoen.

Dofir bleift mir, vun eiser Säit aus awer dem Rapporteur, dem Frank Arndt, Merci ze soe fir säi schrëftlechen a mëndlechen...

(**Hilarité générale**)

...Rapport.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Här Gibéryen, Dir hutt iergendeppes gesot, ech weiss awer elo net wat,...

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Ech weiss och net, u wat et läit.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - ...wat hei fir allgemeng Heiterkeit gesuergt huet.

(**Brouhaha et hilarité**)

Sou! Jo, ech mengen, elo geet et besser.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Elo geet et scho besser, jo. Ech mengen, mir gesinn dese Projet an Zesummenhang...

(**Hilarité**)

Här President, et deet mer leed...

(**Hilarité**)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Also, Här Gibéryen, dës Kéier sidd Der awer selwer schold!

(**Hilarité**)

► **Une voix.** - Den Här Gibéryen ass op eemol...

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Ech kommen zum Schluss vu menger Ried...

(**Hilarité**)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Ech mengen, Är Riedezäit ass eriwwer.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - ...a bréngen d'Zoustëmmung vun eiser Fraktioun.

(**Hilarité**)

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Gibéryen. Ech mengen...

(**Hilarité**)

Ech mengen, domat wär d'Riednerlëscht ofgeschloss. An ech wënschen elo dem zoustänneg Minister bonne Chance!

(**Brouhaha et hilarité**)

**Prise de position du Gouvernement**

► **M. Dan Kersch, Ministre de l'Intérieur.** - Här President, et geet näischt driwwer eraus, wéi wann ee bei engem seriöse Projet, op dee laang gewaart gouf, dann och an enger seriöser Debat eng Kéier gutt ka laachen.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Dan Kersch, Ministre de l'Intérieur.** - Merci dem Här Rapporteur fir en exzellente Bericht. Merci och allen anere Riedner. Ech hu sielen en Oppositionspolitiker hei an deem Raum héieren e Regierungsprojet esou magistral virstelle bis an den Detail, wéi dat dem Här Lies gelongen ass. Merci och dem Här Hahn, deem seng Léift fir d'Stad Lëtzebuerg bekannt war, mä deem awer zumindest um Enn vu sengem Bäitrag och déi gewësse Roll, déi och d'Regierung bei deem Projet gespilt huet, belobigend ervirgestrach huet.

Et gesäit een also eng grouss Eenegkeet an deem Sall, fir dese Projet hei kënne ze realiséieren. An dofir soen ech lech elo schonn am Numm vun der Regierung a virun allem am Numm vun deene Leit, déi an de Rettungsdéngschter aktiv sinn, e ganz, ganz grouse Merci!

De CNIS ass effektiv e Symbol vu wichtige Synergien, déi mer an nächster Zukunft wëlle hunn, am Lëtzebuurger Rettungswiesen ze realiséieren: engersäits am Beräich vun der Planifikatioun, och am Beräich vun der Preventioun an och, géif ech soen, an engem vun deene ganz entscheidende Beräicher vun esou enger Reform, näamlech dem Beräich vun der Formation.

Deen neien Institut national de formation, dee mer wäerte schafen, wäert en immense Plateau technique bidden, eng vun deene modernste Schoulen an Europa duerstelle fir d'Formationen vun deene Leit, déi spéider am Rettungswiese sollen aktiv ginn. Et ass virdru schonns hei gesot ginn.

Ech probéieren dann och esou wäit wéi méiglech d'Detailer op der Säit ze loosse a men-





gem Bättrag, well se scho vun deenen eenzelne Riedner hei ugeschwat gi sinn.

Dee ganze Projet, dee mer haut hei diskutéieren, ass niewent dem Projet de loi, deen ech am August deponéiert hunn iwwert d'Schaffung vun engem eenheetleche Corps vum Rettungswiesen, dee symboleschen Akt, deen de Secteur vun eis erwaart huet. A mir weisen domadder, dass et eis eescht ass, fir déi Reform, déi esou laang versprach ginn ass, och konkret ëmzesetzen.

Ech wëll hei ganz besonnesch allen Akteure Merci soen, déi dozou bäigedroen hunn, dass dëse Projet endlech, esou wéi et virdrun och schonn e puermol ugeklongen ass, konnt ëmgesat ginn. Et ass virdru gesot ginn: Schonns 2003 waren déi éischt Diskussiounen. 2004 war den Architectureconcours, fir dëse Projet phare vum Lëtzebuerger Rettungswiesen ze realiséieren. Geplangt a fäerdeggestallt war da scho bal alles 2011. A mir denken, dass mer elo, wat d'Realisatiounsphas ugeet, Mëtt 2020 wäerte fäerdeg sinn.

Mir müssen eis awer selbstkritesch froen, ob 17 Joer fir esou e Projet net awer e bësse laang ass. An ech mengen, eleng déi Zäitspann weist, dass awer e gewësse Laxismus do war, wéi mer an deene vergaangene Jore mam Lëtzebuerger Rettungswiesen ëmgaange sinn. An et erkläert och e gewëssene Motivatiounsverloscht, deen ech zumindest begéint hunn, wéi ech ugefaangen hunn, mech méi konkret ëm dee Secteur ze këmmen. Haut hu mer d'Chance, deem Motivatiounsverloscht, dee mer op där enger oder anerer Plaz begéint hunn, e wichtegt Zeechen entgéintzesetzen.

Ech wëll trotzdem eng kéier op déi Schlüsseldaten zrëckgoe vun dësem Projet. Et war scho gesot ginn, de Lancement vum Concours war 2004 am Juni, den Avant-projet sommaire ass fäerdeg gemaach ginn tëschent 2008 an 2012. De Projet de loi ass dunn den 12. Februar 2015 hei hannerluecht ginn. A mir hunn dann elo haut dee groussen Dag, wou mer dann hoffentlech och den Accord vun der Chamber ginn, fir dëse Projet ze realiséieren.

Et ass geplangt, fir mat den Aarbechten unzefänken den 1. September 2016. Och dat ass nach net muer. Et dauert also nach ronn en Dräivierelsjoer, bis mer richtig ukommen. Dir kennt alleguerten déi Prozeduren, déi elo nach do virdru sinn. A mir hoffen, mat den Aarbechten da fäerdeg ze ginn, esou wéi ech et virdru scho gesot hunn, am Juni 2020.

Déi technesch Opdeelung vum Projet, ech mengen, dat erspieren ech lech nach eng kéier. Ech probéieren dofir vläicht, méi konkret awer nach eng nei Noriicht och hei an dësem Sall lasszeginn, déi deen een oder aneren dierft interesséieren: Well mer amgaange sinn, déi Verwaltung vun der ASS op nei Féiss ze stellen, well mer amgaange sinn, eis ze preparéieren op déi nei Erausforderungen, déi do kommen, hu mer selbstverständlech eng Rei vu Mesuren an der heiteger ASS missen huelen, wat och dozou féiert, dass mer wäerten zum Deel och plënnern aus deene Gebaier, déi eis haut schonn zur Verfügung stinn.

Et ass ugeduecht, fir an dat fréiert Elco-Gebai niewent dem „Lëtzebuerger Wort“ ze goen. Dat ass e Gebai, wat dem Stat haut schonn zur Verfügung steet, wou nach zwee Stäck fräi sinn. D'Zentral vum 112, den ICT an de Materialstock bleiwen awer dann am Gebai vun der Cloche d'Or. Haaptsächlech wäerten déi administrativ Servicer an dat fréiert Elco-Gebai plënnern. De Médico-sapeur kéint eventuell och nach dann dohinnegoen. Wéi gesot, dat alles an enger Iwwergangszäit, bis dann de CNIS wäert fäerdeg sinn.

Och dat weist, dass mer also amgaange sinn, dat Rettungswiesen nei opstellen an dat Versprieche, wat d'Regierung ginn huet, fir am Beräich vun der Sécherheet net ze spueren, dass mer dat Versprieche och amgaange sinn anzéleisen.

Dat si mer eise Biergerinnen a Bierger schëlleg, mä mir sinn et awer och deene sëllege Fräiwëllegen, an et ass virdru schonn hei ugeklongen, déi dagan an dagauss, 24 Stonnen op 24 am Dénagscht vun der Gesellschaft aktiv sinn, och deene si mer dat schëlleg. An dofir maache mer dat och!

Ech wëll vläicht kuerz drop agoen; den Här Lies huet vun der Geleeënheet e bësse abuséiert an e bësse scho virausgesinn, en huet den neie Projet ugeschwat, dee jo nach net haut zur Diskussioun steet, mä ech hoffen awer an nächster Zukunft, iwwert d'Fusioun vu Pompjeeën a Protection civile an engem gemeinsamen Etablissement public tëschent Stat a Gemengen,

an en huet gemengt, dann och haut schonn eng Rei vu Kriticke lasszeginn.

Ech war e bësse iwwerrascht, wéi ech dat elo héieren hunn. Den Här Lies huet ee Moment geschwat vun: D'Dronkenelle géifen him ausgoen, well mer net wéissten, wat dat alles géif kaschten. Et wäeren do astronomesch Zifferen genannt ginn. Bon, ech nennen d'Chifferen da konkret. De Moment hu mer Ausgabe vu 60 bis 62 Milliounen am Joer. A mëttelfristeg ass domadder ze rechnen, dass dee Chiffer effektiv kéint an d'Luucht goen, op 85 bis 90 Milliounen.

Ech froen lech dann, Här Lies: Firwat ginn lech do d'Dronkenellen aus? Mir gi se net aus, well ech der Meenung sinn, dass dat ganz gutt investéiert Sue sinn! Et sinn engersäits Suen, déi investéiert ginn an d'Sécherheet vum Land. An et si Suen, déi investéiert ginn, fir Leit zunutzen ze kommen, déi an Nout sinn. A se gi virun allem och investéiert, fir deene Leit, déi am Fräiwëllegendéngscht grouss Dénagschter am Land leeschten, dat och an iergendenger Aart unzëerkennen.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Dan Kersch, Ministre de l'Intérieur.** - Ech froen lech dann, Här Lies: Wat ass lech d'Sécherheet vum Land da wäert, wann lech bei deem dote Chiffer d'Dronkenellen ausginn? Da sot mer dann emol konkret, wat Dir da bereet sidd auszeginn, fir d'Rettungsdénagschter op méi konkret a méi professionell Schinnen ze setzen.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Entschëllegt, Här Minister, vu dass Der den Här Lies direkt uschwätzt, géif ech him dann och d'Wuert ginn.

► **M. Dan Kersch, Ministre de l'Intérieur.** - Ech maachen et ni méi, Här President!

► **M. Marc Lies (CSV).** - Merci, Här President, fir d'Wuert. Den Här Minister huet dann dee Moment mech dorop ugeschwat. Bon, ech kann elo ganz kloer dorop reagéieren: Ech hunn net gesot, datt déi Suen net gutt investéiert wäeren! Ech mengen, dann hutt Der mech effektiv falsch verstane respektiv dann dee Moment falsch erëmginn.

Ech hu gesot, datt mir d'Dronkenellen ausginn, wann ech dat héichrechnen op d'Budgete vun de Gemengen! An ech mengen, wann een dat eng kéier héichrechent an et kuckt een, wéi d'Gemengen haut deelweis dee Moment schonn dostinn, wou effektiv där enger oder anerer Gemeng wierklech d'Waasser elo scho bis hei uewen hi steet, a wann dat dote bäikënnst a mir rechne vu 50 respektiv doriwwer eraus par tête d'habitant, da brauch ech net ze soen, wat dat heescht fir e Gemengebudget.

An dat war meng Ausso dozou. An et huet näischt domat ze dinn, wat effektiv déi Suen ugeet.

Ech hunn och gesot, déi Sue wäere gutt investéiert - honnertprozenteg! -, och wat dann dee Moment d'Reform vun de Service-de-secoursen ugeet. Mä et ass just de Financement. An dat, mengen ech, hunn ech schonn e puermol ugeschwat gehat, och an Ärer Präsenz. Do sollt ee wierklech ganz gutt oppasse respektiv och iwwerleeën, wéi dat an Zukunft soll ginn. Hei geet et ëm d'Gemeng an ëm soss guer näischt!

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Dan Kersch, Ministre de l'Intérieur.** - Ech stellen also fest, Här Lies, dass Der dermat avstane sidd, dass mer an Zukunft méi an d'Rettungsdénagschter sollen a müssen investéieren, an dass och bei deem Chiffer vu 85 bis 90 Milliounen, dee mer fairerweis zu dësem Zäitpunkt scho genannt hunn, och wa mer ganz genau wëssen, dass dat net eppes ass, wat an den nächsten zwee, dräi Joer wäert geschéien, mä dass eis bei deem Chiffer do d'Dronkenellen net ausginn. Dat berouegt mech. An dat weist dann och drop hin, dass mer, wa mer dann iwwert de Projet vun dem Rettungswiese wäerte schwätzen, och do mat Ärem Accord kënnen rechnen.

Da wollt ech lech awer nach froen, well Der dat awer och dann ugeschwat hutt...

Här President, wann Der erlaabt,...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Jo.

► **M. Dan Kersch, Ministre de l'Intérieur.** ...da froen ech dann och nach eng kéier, wéi dat da gemengt war vun der Säit vum Riedner vun der CSV. Dir hutt kritiséiert, dass mer am Fong elo scho Suen op d'Säit leeën, fir zukünfteg Ausgabe vun deem Etablissement public kënnen ze maachen.

Ech stellen d'Géigefro: Wat géif geschéien, wa mer dat net géife maachen?

Dir wësst, dass mer undenken, an nächster Zukunft bis zu 14 Zentren, wann net souguer méi, déi elo schonn am Land gostinn, fir déi an d'pleine propriété vun deem Etablissement pu-

blic ze iwwerhuelen. Wa mer also net haut scho géife Reserven uleeën, fir genau dat kënnen ze maachen, da géife mer en Etablissement public kreéieren, deen direkt géif ufänke mat engem risegen Defizit. A well mer dat net wëllen, dofir hu mer déi Mesuren do geholl.

An, Här Lies, ech ka mech erënnern, dass hei emol eng kéier Vertrieeder vun lech hei gesot hunn: «Gouverner, c'est prévenir.» Dat ass genau dat, wat mer hei maachen. An ech kann lech nëmmen opfuerderen...

(**Interruptions**)

Ech kann lech nëmmen opfuerderen, eng kéier genau ze liesen, wat am Projet de loi steet. An da wäert Der..., oder kann ech domat rechnen, dass Der vläicht Är Aussoen hei géift relativéieren.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Här Minister, ech wëll lech nach eng kéier drun erënnern, dass Der lech wann ech gelift sollt un d'Chamber adresséieren.

► **M. Dan Kersch, Ministre de l'Intérieur.** - Ech probéiere mäi Beschit, Här President!

Ech ginn dann och dervun aus, léif Kollege vum der Chamber,...

► **Une voix.** - Aah!

► **M. Dan Kersch, Ministre de l'Intérieur.** ...dass den CSV-Riedner, wéi e sech un d'Chamber gewannt huet, net am Besëtzt vun allen Informatiounen war, déi am Projet de loi, deen en ugeschwat huet, géifen drastoen. Soss hätt den Här Lies net gesot...

(**Hilarité**)

Ech muss jo awer kënnen zu deem schwätzen, wat virdrun hei gesot ginn ass.

(**Brouhaha**)

Ech ginn also dervun aus, dass, wann dat - wat virdrun hei gesot gi war - richtig verstane gi wär, wat do drasteet, dass dann net hei behaapt gi wär, d'Stad Lëtzebuerg géif 2021 eréischt an deen neien Etablissement public eragoen.

Dat steet näämlech net an deem Projet de loi! An deem Projet de loi steet just dran, dass d'Stad Lëtzebuerg selwer décidéiert, zu wéi engem Moment dass se deem Etablissement public bäitritt, am Géigendeel zu allen anere Gemengen, well d'Stad Lëtzebuerg, wéi mer virdrun och schonn hei héieren hunn, déi eenzeg Gemeng ass, déi Berufspompjeeën huet. Mä dass d'Stad Lëtzebuerg selwer décidéiert, zu wéi engem Zäitpunkt dass se erageet, mä dass et „spéitstens“ 2021 ass! Dat ass also eppes ganz anscht wéi dat, wat virdrun hei op dëser Tribün behaapt ginn ass.

An d'Stad Lëtzebuerg hat och e gudde Grond, fir sech déi Sécherheet an dat Gesetz - mir hunn näämlech mat hinne verhandelt - do dranzeschreien, näämlech, dass se wollt bis dohinner kucken, ob déi Versprieche vu Qualitéitssteigerung, déi mer gemaach hunn, géifen agehale ginn.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Dan Kersch, Ministre de l'Intérieur.** - An ech kann lech soen, Här Lies... Pardon! Ech wëll der Chamber soen, dass si dem Här Lies soll soen,...

(**Hilarité**)

...dass mer amgaange sinn, genau déi Qualitéitssteigerung haut schonn ëmzesetzen! Mir hunn an der Tëschenzäit een Dokter, zwee Infirmieren, een Ingenieur ICT fir den 112, een Instructeur Incendie-sauvetage - fir op dat anzegoen, wat den Här Traversini hei gesot huet - elo schonn agestallt, fir genau déi dote Qualitéitssteigerung elo schonn esou séier wéi méiglech ëmzesetzen an domadder d'Stad Lëtzebuerg ze motivéieren, esou séier wéi méiglech kënnen hei an dësen Etablissement public anzetrieden.

Nach méi erstaunlech war awer d'Ausso, dass d'Berufspompjeeën, den Antritt vun de Berufspompjeeën, dass dat misst eng Bedéngung sinn, fir iwwerhaupt kënnen e fusionéierte Corps vu Pompjeeën a Protection civile ze maachen.

Wann dat esou ass, an ech wollt hei op dëser Tribün net dovum schwätzen, mä ech kommen elo ganz schwéier dolaanscht, wann dat esou ass, da froen ech mech, firwat dass bis virun zwee Joer, an ech ginn elo net méi däitlech, keen, keen, awer wierklech keen och nëmmen dat klengste Wuert mat der Stad Lëtzebuerg geschwat huet, fir dee Bättrag an deen Etablissement public virzebereeden, geschweig da vu Verhandlungen!

Mat där doter Ausso ënnersträicht Der am Fong, dass déi Leit, déi virdrun, an der viregter Regierung d'Verantwortung gedroen hunn, dee Projet vun Ufank un net seriö ugaange sinn. Ech wollt dat just eng kéier hei soen. An ech hoffen, dass mer an aller Serenitéit a mat

manner parteipoliteschem Geplänkels, déi Diskussiounen, déi Diskussiounen, déi ustinn... Net iwwert dëse Projet, vun deem ech mengen, dass mer eis alleguerten eens sinn, dass e muss kommen, dass et e gudde Projet ass an dass vill Leit do sinn, déi grouss Verdénagschter ëm dee Projet hunn, inklusiv mäi Virgänger. Ech wëll dat hei soen, zu deem Projet hei!

Mä ech wëll awer...

► **M. Jean-Marie Halsdorf (CSV).** - De Paul Schroeder huet virdru mat der Stad Lëtzebuerg geschwat.

► **M. Dan Kersch, Ministre de l'Intérieur.** - Jo.

► **M. Jean-Marie Halsdorf (CSV).** - Dat muss ee ganz kloer soen!

► **M. Dan Kersch, Ministre de l'Intérieur.** - Jo, jo! Dir bestätegt also, dass Dir als Minister ni selwer Kontakt mat der Stad Lëtzebuerg hat, fir dat heiten ze diskutéieren!

► **M. Jean-Marie Halsdorf (CSV).** - Dach, natierlech hat ech...

(**Exclamations**)

Natierlech hat ech Kontakt!

► **M. Dan Kersch, Ministre de l'Intérieur.** - Très bien!

► **M. Jean-Marie Halsdorf (CSV).** - Mir hate regelméisseg Reunione mat der Stad Lëtzebuerg.

(**Brouhaha**)

► **M. Dan Kersch, Ministre de l'Intérieur.** - Gutt! Mir sinn nach net bei der Diskussioun iwwert dee Projet de loi.

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Mir kommen awer nach eng kéier dozou, Här Kersch!

► **M. Dan Kersch, Ministre de l'Intérieur.** - Genau! Ech wëllt just vun dëser Plaz aus elo schonns bieten, dass wa mer dee Projet de loi diskutéieren, mer e manner mat deem parteipolitesche Brëll sollte kucken a vill méi kucken,...

(**Protestations**)

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Dir sidd awer dee Richtegen, fir dat do ze soen!

► **Une voix.** - Wien huet dann ugefaange mat der Parteipolitik?

► **M. Dan Kersch, Ministre de l'Intérieur.** ...vill méi kucken, wat mer hei kënnen zesummen am Dénagscht vum Land fir déi national Rettungsdénagschter maachen. Dat géif eis alleguerte gutt zu Gesicht stoen!

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Jo, d'Madamm Polfer.

► **Mme Lydie Polfer (DP).** - Här President, léif Kollegen, ech si frou ze héieren, datt jiddweree weess, datt dat hei - dee Projet, dee mer haut hei stëmmen - e wichtige Projet ass, un deem laang geschafft ginn ass, vu villen an zënter Laangem.

Ech wëll just hei témoignéieren, datt dat, wat de Minister elo just gesot huet, datt dat genau déi Manéier ass - an ech kann nun eemol nëmmen iwwert déi lescht zwee Joer als Buergermeeschter elo schwätzen -, wéi mer verfuere sinn. An ech si frou, wéi déi meesch heibanen - ech géif hoffen, souguer vläicht alleguer -, datt mer haut deen do Projet kënnen zesumme stëmmen!

Der Stad Lëtzebuerg hir Positioun wäerte mer beschwätzen an hu mer schonn a ville Gremie beschwat - ech kucken den Här Eicher, am Syvicol - a jiddweree kennt ons Positioun. Jo, mir hunn nun eemol dee Corps, deen den Här Hahn ganz gutt beschriwwen huet, deen eenzege professionnelle Corps vu Pompjeeën. A mir wëllen a mir versti ganz gutt - a wa mir an där Plaz wieren, géife mer d'nämlecht reagéieren, sou wéi elo de Minister, sou wéi de Minister virdrun -, datt een och op Landesplang wëllt eben déi Qualitéit hunn. An ech ënnersträichen „Qualitéit“!

Mir wëllen, an dat ass eis Positioun, mir wëllen eben duerch dat, wat mer an deene ville Joren opgebaut hunn, datt mer déi Qualitéit och kënnen um Landesplang hunn. A mir wäerten alles maachen, fir dozou bäizedroen.

An dem Minister Kersch seng Interpretatioun, datt spéitstens bis 2021 mer och derbäi sinn, dat ass déi richtigeg! A bis dohinner ass Zäit a mir wäerten och an dësem Haus nach Geleeënheet kréien, doriwwer ze schwätzen. Onst eenzezt Zil ass, datt mer national - a mir wäerten dobäi hëllefen - déi nämlecht gutt Qualitéit kréien; wéi all déi, déi virun eis waren, an och déi, déi elo do sinn, sech vill Méi ginn hunn, fir dat opzebauen.

A wa mer dofir hei kënnen an dësem Haus op eng grouss Ennerstëtzung zielen an och op e Verständnis fir eis Positioun - dat ass keng negativ, ganz au contraire, et ass eng extrem po-



sitiv -, da wier ech ganz frou. Dofir wollt ech awer dat hei och nach soen, fir eis Positioun an där do Saach ze klären: Déi also nëmmen eng ganz positiv ass, war, ass an och wäert sinn! Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. De Jean-Marie Halsdorf huet d'Wuert gefrot. Ech ginn dervun aus, dass et Parole après ministre ass.

► **M. Jean-Marie Halsdorf (CSV).**- Voilà. Ech wollt just e puer Prezisioune ginn. Ech wollt soen, an der Period virdrun, dass do regelméisseg Reunioune ware mat der Stad Lëtzebuerg, mam Här Helminger, an dass och regelméisseg Kontakter waren iwwert dee Finanzmodell, dee mer hei ausgeschafft hunn, fir dat Ganzt hei ze finanzéieren.

Dass natierlech do aner Diskussioune vläicht stattfont hu wéi haut, dat ass normal, well den Dossier sou au fur et à mesure weidergaangen ass. Mir haten eng global Iddi, an dat ass dat, wat d'Madam Polfer elo gesot huet, fir en héichwäertegt Rettungswiesen hei zu Lëtzebuerg ze kréien.

Dat gëtt jo och heimat realiséiert. Mä et soll een ophalen, hei Polemik ze maachen. Et soll ee kucken, hei geet et ëm d'Saach. An, ech fanen, mir hunn alleguerte während méi wéi zéng, 15 Joer un deemselwechte Projet geschafft a mir solle frou sinn, dass mer en haut an d'Chamber erakréien. Dat ass dat, wat wichteg ass, an dat ass dat, wat d'Leit jo gären hätten.

De Leit ass et egal, wa se blesséiert sinn, wie se siche kënn, ob dat ee vun der Protection civile ass oder vun de Pompjeeën. Si hätte gären Hëllef. An et ass dat, wat d'Politik hei soll maachen. An dat, mengen ech, maache mer mat deem Gesetz.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. Ech ginn dervun aus, dass d'Diskussioun domat ofgeschloss ass a mer zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6778 kënnen iwwergeen.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 6778 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmung fänkt direkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. D'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

De Projet ass mat 60 Jo-Stëmmen, also eestëmmeg...

**(Applaudissements)**

...eestëmmeg verofschit.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden (par M. Laurent Mosar), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes (par M. Marcel Oberweis), Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par Mme Nancy Arendt) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton (par M. Roger Negri), M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. André Bauler), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas,

Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox (par Mme Viviane Loschetter), Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser);

MM. Serge Urbany et David Wagner.

An ech froen dann nach d'Chamber, ob se d'accord ass, d'Dispens vum zweete Vott ze ginn.


**(Assentiment)**

Dat ass esou décidéiert.

Mir ginn eis da Rendez-vous d'nächst Woch e Mëttwoch fir déi nächst Sëtzung. Villmools Merci. Kommt gutt heem!

An d'Sëtzung ass eriwwer.

**(Fin de la séance publique à 18.05 heures)**



Présidence: M. Mars Di Bartolomeo, Président • Mme Simone Beissel, Vice-Présidente

## Sommaire

### 1. Ouverture de la séance publique

- M. Mars Di Bartolomeo, Président

### 2. Communications

- M. Mars Di Bartolomeo, Président

### 3. Ordre du jour

- M. Mars Di Bartolomeo, Président

### 4. Heure de questions au Gouvernement

Question n°145 du 9 décembre 2015 de M. Claude Wiseler relative à la proposition de constituer un groupe des petits pays européens dont la population est inférieure à un million d'habitants dit le «G9», adressée à M. le Premier Ministre, Ministre d'État

- M. Claude Wiseler - M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État (M. Claude Wiseler intervient)

Question n°146 du 8 décembre 2015 de M. André Bauler relative à l'engagement d'art-thérapeutes au sein de l'Éducation nationale, adressée à M. le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

- M. André Bauler - M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

Question n°147 du 8 décembre 2015 de Mme Cécile Hemmen relative au manque présumé de titulaires assurant les cours sportifs de la LASEP, adressée à M. le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

- Mme Cécile Hemmen - M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

Question n°148 du 9 décembre 2015 de M. Gast Gibéryen relative au service oncologie du Laboratoire National de Santé, adressée à Mme la Ministre de la Santé

et

Question n°149 du 9 décembre 2015 de Mme Martine Mergen relative à la confusion d'échantillons de biopsies mammaires au sein du Laboratoire National de Santé, adressée à Mme la Ministre de la Santé

- M. Gast Gibéryen, Mme Martine Mergen - Mme Lydia Mutsch, Ministre de la Santé

Question n°150 du 9 décembre 2015 de Mme Josée Lorsché relative à la directive ayant pour but de porter à 40% la part du sexe sous-représenté dans les conseils d'administration des entreprises cotées en Bourse, adressée à Mme la Ministre de l'Égalité des chances

- Mme Josée Lorsché - Mme Lydia Mutsch, Ministre de l'Égalité des chances

Question n°151 du 9 décembre 2015 de Mme Martine Hansen relative au service d'intervention d'urgence par voie d'hélicoptère, adressée à Mme la Ministre de la Santé

- Mme Martine Hansen - Mme Lydia Mutsch, Ministre de la Santé

Question n°152 du 9 décembre 2015 de M. Max Hahn relative à l'accord avec l'ACEL sur les modifications des bourses étatiques pour études universitaires, adressée à M. le Secrétaire d'État à l'Enseignement supérieur et à la Recherche

- M. Max Hahn - M. Marc Hansen, Secrétaire d'État à l'Enseignement supérieur et à la Recherche

### 5. Ordre du jour (suite)

- M. Mars Di Bartolomeo, Président

### 6. 6718 - Projet de loi modifiant, en vue de la transposition de la directive 2013/34/UE du Parlement européen et du Conseil du 26 juin 2013 relative aux états financiers annuels,

aux états financiers consolidés et aux rapports y afférents de certaines formes d'entreprises, modifiant la directive 2006/43/CE du Parlement européen et du Conseil et abrogeant les directives 78/660/CEE et 83/349/CEE du Conseil:

1) la loi modifiée du 10 août 1915 concernant les sociétés commerciales;

2) le titre II de la loi modifiée du 19 décembre 2002 concernant le registre de commerce et des sociétés ainsi que la comptabilité et les comptes annuels des entreprises;

3) le titre II du livre I<sup>er</sup> du Code de commerce

- Rapport de la Commission juridique: M. Franz Fayot

- Discussion générale: M. Léon Gloden, Mme Viviane Loschetter, M. Guy Arendt, M. Roy Reding, M. David Wagner

- Prise de position du Gouvernement: M. Félix Braz, Ministre de la Justice

- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

### 7. Heure d'actualité du groupe politique CSV au sujet de la restructuration de l'Entreprise des Postes et Télécommunications et notamment de la présence des bureaux de poste

- Exposé: M. Félix Eischen

- Débat: M. Claude Haagen, Mme Joëlle Elvinger, M. Claude Adam, M. Roy Reding, M. Serge Urbany

- Prise de position du Gouvernement: M. Etienne Schneider, Ministre de l'Économie (M. Gast Gibéryen intervient, M. Félix Eischen pose une question)

### 8. 6858 - Projet de loi concernant l'échange automatique de renseignements relatifs aux comptes financiers en matière fiscale et portant

1. transposition de la directive 2014/107/UE du Conseil du 9 décembre 2014 modifiant la directive 2011/16/UE en ce qui concerne l'échange automatique et obligatoire d'informations dans le domaine fiscal;

2. modification de la loi modifiée du 29 mars 2013 relative à la coopération administrative dans le domaine fiscal

- Rapport de la Commission des Finances et du Budget: M. Guy Arendt

- Discussion générale: M. Laurent Mosar, M. Franz Fayot (M. Gilles Roth pose une question), M. David Wagner

- Prise de position du Gouvernement: M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances (M. Laurent Mosar pose une question)

- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

### 9. 6911 - Comptes du service intérieur de la Chambre des Députés pour l'exercice 2014

- Rapport de la Commission des Comptes: M. Marc Lies (dépôt d'une résolution)

- Vote sur la résolution (adoptée)

### 10. Résolution concernant les comptes de l'exercice 2014 de la Cour des Comptes

- Exposé: Mme Diane Adehm (dépôt d'une résolution)

- Vote sur la résolution (adoptée)

### 11. 6911 - Comptes du service intérieur de la Chambre des Députés pour l'exercice 2014 (suite)

- M. Mars Di Bartolomeo, Président

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État; M. Etienne Schneider, Vice-Premier Ministre; MM. Félix Braz, Claude Meisch et Mme Lydia Mutsch, Ministres; M. Marc Hansen, Secrétaire d'État.

**(Début de la séance publique à 14.01 heures)**